

10. Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2006 de la Cour des Comptes et

Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2007 de la Cour des Comptes

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn nach zwee Voten ze maachen iwwer zwou Resolutiounen, wat d'Konte vun der Cour des Comptes ubelaangt, an zwar d'Resolutioun iwwert d'Konte vum Joer 2006 an d'Resolutioun iwwert d'Konte vum Joer 2007.

Kënne mer direkt doriwwer ofstëmmen? Fir d'éischt d'Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes vum Joer 2006.

Résolution

La Chambre des Députés, vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2006, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément au référentiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;

vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué lors de sa réunion du 27 avril 2009,

approuve

les comptes de l'exercice 2006 de la Cour des Comptes.

1<sup>er</sup> Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisées directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État

(s.) François Bausch, Lucien Clement, Colette Flesch, Robert Mehlen, Roger Negri.

Kënne mer dat och par main levée maachen?

(Assentiment)

Vote

Voilà. Ech gesinn och, dass dat d'Unanimitéit mécht.

An dann d'Resolutioun iwwert d'Konte vun der Cour des Comptes, wat d'Joer 2007 ubelaangt. Dat maache mer och par main levée.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des Comptes qui estime que «les comptes annuels donnent une image fidèle du patrimoine et de la situation financière de la Cour des Comptes au 31 décembre 2006, ainsi que des résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément au référentiel comptable tel que décrit dans la Note 2 qui fait partie intégrante des comptes annuels»;

vu l'accord de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué lors de sa réunion du 27 avril 2009,

approuve

les comptes de l'exercice 2007 de la Cour des Comptes.

1<sup>er</sup> Principes généraux: Les comptes annuels de la Cour des Comptes sont établis par le Collège de la Cour des Comptes conformément aux principes comptables généralement admis à Luxembourg à l'exception des acquisitions en équipements et mobiliers qui sont comptabilisées directement dans le compte de revenus et charges dès la date d'acquisition, ainsi que des spécificités concernant l'exercice budgétaire et comptable du chapitre 3 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État

(s.) François Bausch, Lucien Clement, Colette Flesch, Robert Mehlen, Roger Negri.

Vote

Och do hu mer eng Unanimitéit. Ech soen lech Merci.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Mir gesinn eis muer de Moien um néng Auer zrëck fir dee chargéierten Ordre du jour, dee mer eis ginn hunn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.58 heures)

SÉANCE 48

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Sommaire

- Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens
  - M. Charles Goerens
- 5955 - Projet de loi relative à l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et à la Loterie Nationale et modifiant:
  - la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
  - la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives
  - Rapport de la Commission juridique: Mme Christine Doerner
  - Discussion générale: Mme Colette Flesch, M. Marc Angel, M. Félix Braz, M. Aly Jaerling, M. Luc Frieden, Ministre de la Justice
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Résolution de M. Charles Goerens relative à la condamnation des déclarations du Ministre allemand des Finances comparant le Luxembourg au Burkina Faso en matière de transparence fiscale
  - Exposé: M. Charles Goerens
  - Discussion générale: M. François Bausch, M. Michel Wolter, M. Ben Fayot, M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling, M. Charles Goerens, M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget
  - Vote (résolution adoptée)
- 5948 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de l'Inde tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à New Delhi, le 2 juin 2008
  - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Lucien Thiel
  - Discussion générale: Mme Anne Brasseur, M. Roger Negri, M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 5998 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2007-2008)
  - Rapport de la Commission des Pétitions: M. Camille Gira
  - Débat: M. Raymond Weydert, Mme Anne Brasseur, Mme Lydie Err (répond à Mme Anne Brasseur), M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling, M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Luc Frieden, Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

» M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Den Här Goerens huet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Resolutioun.

1. Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens

» M. Charles Goerens (DP).- Merci, Här President. Déi Resolutioun hei ass eng Reaktioun op d'Propose vum Peer Steinbrück, den däitsche Finanzminister, gëschter à propos vun der Transparence fiscale, wou e Lëtzebuerg mat Burkina Faso vergläicht.

Ech fannen, déi Propose sinn inadmissibel. Dat émsou méi, wéi d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Däitschland sech säit 1945 permanent verbessert hunn, se hunn exemplaresche Charakter. Et ass wierklech net noutwendeg, fir esou Écart-de-langagen ze praktizéieren.

Ech wollt och duerfir d'Chamber invitéieren, fir eng ganz ferm Désapprobatioun an d'Verurteelung vun deene Proposen do auszesprieden, an och lech ze bieden, dem President vum Bundestag déi Resolutioun ze iwwerreechen.

Résolution

La Chambre,

- considérant les récentes déclarations du Ministre allemand des Finances comparant le Luxembourg au Burkina Faso en matière de transparence fiscale;

- rappelant que ces propos portent atteinte au caractère exemplaire des relations qui se sont développées entre la République Fédérale d'Allemagne et le Luxembourg depuis la fin de la Deuxième Guerre mondiale;

- condamne sans réserves les écarts de langage du Ministre Peer Steinbrück ainsi que l'absence de considération dont il a fait preuve à l'endroit du Burkina Faso;

invite son Président

- à transmettre la présente résolution au Président du Bundestag.

(s.) Charles Goerens, François Bausch, Ben Fayot, Aly Jaerling, Robert Mehlen, Michel Wolter.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Goerens. Mir kucken, wéini dass mer déi Resolutioun do debattéieren an zur Ofstëmmung bréngen.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwelch Matdeelungen ze maachen?

(Négation)

Da komme mer direkt zum éischte Projet vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien. Dat ass deen iwwert d'Nationallotterie. D'Wuert huet d'Rapportrice, déi honorabel Madame Doerner.

2. 5955 - Projet de loi relative à l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte et à la Loterie Nationale et modifiant:

- la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

- la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives

Rapport de la Commission juridique

» Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, och Œuvre genannt, oder an Abréviatioun ONS, an eis Nationallotterie si säit 65 Joer ganz enk matenee verbonnen.

Wouhier kënn dat? Am Dezember 1944 war d'Rundstedt-Offensiv eng grouss Katastroph fir den Norde vun eisem Land. Vill Familljen hu misse fortlafen an dat Wéinegst, wat se nach haten, zrëckloossen. Wéi se heemkoumen, louch an hiren Dierfer kee Stee méi op deem aneren; hir Häff, hir Haiser waren eng eenzeg Ruin, Leed, Aarmut an Trauer grouss.

De Süde vum Land huet direkt Hëllef organiséiert. Awer och eis Grande-Duchesse Charlotte war an hirem Exil déif betraff vun dësen Zoustänn. Direkt huet si d'Initiativ ergraff, dem Lëtzebuurger Vollek massiv ze hëllefen. An esou ass de 25. Dezember 1944 zu London duerch en Arrêté grand-ducal d'Œuvre Nationale de Secours an d'Liewe gehoff ginn. Et ass eng öffentlech Institutioun, déi dat exklusivt Recht huet, Gelder fir Krichsaffer ze sammelen, an dat duerch Spenden a Lotterien.

No deenen éischten öffentlechen Opriff, en Don ze maachen, wollt awer d'Œuvre net weider d'Lëtzebuurger Bevölkerung ëm Sue bieden. Dofir ass 1945 d'Nationallotterie gegrënnt ginn. An d'Œuvre konnt ouni Problemer hir Hëllefswierker weiterféieren.



**Mercredi,  
6 mai 2009**

Säit der Zéiung vun der éischter Tranche de la résistance ass dat néidegst Geld age-spillt ginn, fir de Krichsaffer an de Manner-bemëttelte säitdeem ze hëllefen, a säitdeem huet d'Œuvre eng ganz besonnesch Bedei-tung an der Organisatioun vun eiser natio-naler Solidaritéit.

Dëse Projet de loi, dee mir haut solle stëm-men, wëllt elo de gesetzleche Kader vun dësen zwou Institutione klären an op den neieste Stand bréngen. Den éischten Artikel qualifizéiert elo definitiv an ausdrécklech d'Œuvre als en öffentlech-rechtlechen Eta-blissement mat enger Personnalité juri-dique, eng Onofhängegkeet finanziell, awer si steet ënnert der Tutelle, ënnert der Op-siicht vum Stat.

D'Gestioun gëtt gemaach vun engem Ver-waltungsrot. Dee besteet aus mindestens aacht Administrateuren, déi vun der Regie-rung genannt ginn. De Mandat ass honori-fique, ass éierenamtlech a gëtt net rémuné-réiert.

D'Œuvre gëtt géréiert no den zivilrechtleche Formen a Methoden, an hir Kontabilitéit gëtt kommerziell gehalen a muss selbst-verständlech dofir vun engem Réviseur d'entreprises all Joer kontrolléiert ginn.

Well d'Œuvre ënnert der Tutelle vun eise-m Statsminister steet, ënnerleien um Beispill d'Schwéierpunkte vun hirer Politik, hire Bud-get, awer och d'Donen an d'„Leg“en, déi iwwer 30.000 Euro leien, brauchen d'Appro-batioun vun eise-m Statsminister.

Dëse Projet aktualiséiert a complétiert och d'Aufgaben. Dat wëllt soen, hir Haaptmis-sioun läit nach ëmmer dran, a si louch vun Ufank un dran, fir de Krichsaffer eng monat-lech Rent auszebezuelen. Mä déi, déi schwéier am Krich gelidden hunn, ginn ëmmer manner. Dofir geet en Deel vun dëse Recetten u karitativ, sozial, ökologesch, sportlech Wierker.

En aneren Deel vun de Recettë geet un d'Sozialbüroe vun de Gemengen an och un den nationale Solidaritéitsfong. Awer och d'Monument vun der Grënnerin, eiser Grande-Duchesse Charlotte op der Place Clairefontaine, ass zum Deel vun der Œuvre finanziéiert ginn, a schlussendlech läit den Hauptpunkt vun der ONS an der Organisa-tioun an an der Gestioun vun eiser National-lotterie.

Säit der Grënnung huet d'Œuvre als eenzeg Institution de Monopol an d'Recht, op lët-zebuergeschem Buedem Lotterien ze orga-niséiere respektiv zouzeloossen. Vun 1952 u bis 1997 sinn all Mount Tiragen organi-séiert ginn, Milliarde Frange konnten age-spillt ginn.

Mä och e Stéck Lëtzebuenger Kultur ass on-trennbar mat der Nationallotterie verbon-nen. All déi, déi am Lëtzebuenger Variété-liewe Rang an Numm haten, si jorelaang mat der Nationallotterie duerch d'Land ge-reest an hunn d'Publikum begeeschtert. Ech denken un d'Colette an de Fernand,...

#### (Interruptions)

...u Museker, un eng ganz Vague vu Komi-ker, Zauberer, Humoristen, awer och Contor-ionnistinnë wéi d'Mariette Werckx, awer och Turnerinne wéi d'Madame Flesch Yvi.

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **Mme Christine Doerner (CSV), rap-portrice.** - Si hu fir eng éischtklasseg Ënner-halung gesuergt.

Un den Affichëconcoursen hu gutt Moler an Illustrateure matgemaach, an haut sinn déi Plakater vu grousser artistescher Valeur.

Mä d'Zäiten ännere sech, och fir d'Glécks-spiller, an d'Rubbellouse sinn agefouert ginn an der Gamme vum „Top a Flott“, dem Festival de la Chance, a méi rezent sinn och Lotterië mat europäescher Envergure orga-niséiert ginn.

Dofir gesäit den Artikel 9 vun dësem Projet vir, dass d'Loterie nationale kompetent ass, éischstens, fir all Forme vu Lotterie- a Sports-wetten ze organiséieren, zweetens, fir en Distributiounsréseau vun alle Forme vu Lot-terien a Sportswetten ze bedreiwen. Zum Beispill ass d'Loterie nationale den Opéra-teur vum däitsche Lotto. An de Sportstotto kann hei zu Lëtzebuerg aktiv ginn, ënnert der Bedéngung, dass en Deel vum Netto-gewënn un d'Œuvre fléisst.

Mä och fir d'Deontologie dréit d'ONS eng sozial Verantwortung, dat wëllt soen deon-tologesch, a muss de Client iwwert déi reell Chancë vun deene verschiddenen Type vu Spiller informéieren, eng Opklärungscam-pagne iwwert déi ekonomesch, sozial, psy-chologesch Risike vu Spillsucht lancéieren an an Zesummenaarbecht mat diversen As-sociatiounen eng aktiv a koordinéiert Pre-ventioun an Hëllef bei der Ofhängegkeet beim Spill maachen, wat d'Ofhängegkeet beim Spill ausmécht.

Schlussendlech gi mam Artikel 10 vum Pro-jet déi grouss Prinzipien an Objektiver vun deem ale Lotteriegesetz vun 1882 am Ge-setz iwwert d'Glécksspiller, wat elo 1977 erauskomm ass, integréiert. Dat wëllt soen, mir kënnen d'Gesetz vun 1882 abrogéieren.

Fir eng besser Lisibilitéit vum Projet ginn ausgeschloss vun de Glécksspiller d'Jeux concours an d'Tombolas publicitaires. An och d'Spiller organiséiert vun der Loterie nationale falen net ënnert d'Gesetz vun 1977. Dat wëllt soen, si brauche keng Auto-risatioun vum Ministère de la Justice.

Par contre wëllt d'Œuvre hir Reguléierungs-fonctioun um Lotteriesmaart, wou se bis elo de Monopol hat, net weiderféieren. An dat opgrond vun europäeschen Direktiven iwwert d'Libre concurrence. Domadder ver-schwënnt och d'Regulatioun, déi regulativ Roll verschwënnt aus dem Projet de loi.

Zu allerlescht ass den Artikel 8 iwwert déi steuerlech Dispositiounen ze erwähnen. Fir d'alleréischt bezilt d'Œuvre keng Steieren a keng Taxen, weder un d'Gemengen nach un de Stat, à l'exception wat Lottotaxe betrëfft.

D'Akten zugonschte vun der Œuvre sinn dispenséiert fir Droits d'enregistrement ze bezuelen an och d'Geldspende si steuerlech ofzesetzen. Fir méi Detailer verweisen ech op d'Travaux parlementaires, op de Rap-port, mä awer haaptsächlech op déi gutt Avisen, déi geschriwwen gi si vun der Chambre des Fonctionnaires publics, vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Salariés.

Well d'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte e Symbol vum nationale Solidaritéitswiesen hei zu Lëtzebuerg ass, bidden ech d'Chamber, dëst Gesetz ze stëmmen, well dëst Gesetz derzou bäidréit, fir deem Hëllefswierk en neie Cadre, en ak-tuelle Cadre juridique ze ginn.

Ech ginn och den Accord vu menger Frak-tioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Doerner. D'Wuert huet déi honorabel Ma-dame Flesch.

#### Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här Pre-sident, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Alleréischt wëll ech der Rapportrice Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rap-port, déi se an enger Rekordzäit iwwert d'Bühn bruecht huet. Mä an der Chamber ass et wéi beim Sport: D'Rekorder daueren oft net laang. De Rekord vun der Madame Doerner vun de Moie gëtt doudséchuer muer de Moie gebrach,...

#### (Hilarité)

...wa mer de Projet 5895 diskutéieren. Do geet et nämlech nach méi séier, an et ass méi e komplizéierten Text.

Här President, wann et net hätt missen esou schnell goen, hätte mer vläicht nach kënnen deen een oder deen anere Schéinheets-feeler aus dësem Gesetz eraushuelen. Ech mengen, et wär awer net dramatesch, a mir wäerten als DP-Fraktioun dee Projet stëm-men.

Dee Projet ersetzt am Fong d'Arrêtés grand-ducaux vun 1944 an 1945 a gëtt der Loterie nationale an der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte eng - wéi soll ech soen? - méi kllassesch Base légale a wäert dann och eng Partie Schwieregkeeten, déi an der Lescht opgetaucht sinn, aus dem Wee rau-men.

Här President, ech hunn zu deem Gesetz nëmmen eng Observatioun an eng Fro. D'Bemierkung ass déi folgend: Mir begréis-sen d'Dispositiounen vum Artikel 9, Para-graph 2, déi der Œuvre an der Lotterie gewësse Responsabilitéiten iwwerdroen - d'Responsabilitéit, de Public kloer ze infor-méieren, wat d'Chancë vu Gewënn si fir all Produit, dee proposéiert ass, Informations-campagnen ze organiséieren iwwert déi wirtschaftlech, sozial a psychologesch Ris-keen, déi entstinn, wann een dépendant gëtt vum Spill, a mat den Autoritéiten an den zoustännegen Associatiounen, déi op deem Gebitt tätég sinn, ze kooperéieren, fir eng aktiv a koordinéiert Preventiounspolitik op d'Been ze bréngen.

Ech mengen, dat huet d'Loterie nationale souwisou ëmmer gemaach. Si war ëmmer an „responsable citizen“. Mä ech mengen, dass dat do elo an d'Gesetz ageschriwwen gëtt, ass wichteg an dréit och zu engem Deel jiddefalls de Suerge vun der Familie-kommissioun Rechnung, déi sech iwwert d'Risiko vum Zubito verschiddentlech ën-nerhalen huet a gemengt huet, et missten do gewësse Mesurë geholl ginn. Déi do Dis-positiounen ginn an dee Wee.

Et bleift zwar nach e Problem iwwert d'Inter-pretatioun vun engem Artikel vum Gesetz vum 20. Abrëll 1977, mä ech mengen, dee Problem konnt net am Kader vun dësem Gesetz geléist ginn.

D'Fro, Här President, wenn sech un d'Re-gierung. An zwar ass et déi folgend: D'Rap-portrice huet dorop higewisen, dass d'Re-gulatiounskompetenz vun der Œuvre als Régulateur vum Lëtzebuerger Marché vun de Lotterien, déi d'Œuvre bis elo hat, aban-donnéiert gëtt. Dat ass och gutt an dat ass och richtig, well d'Œuvre nationale, déi d'Mamm ass vun enger Lotterie, ka jo net gläichzäiteg als Régulateur operéieren.

D'Fro, déi awer opbleift, an dat ass déi, déi ech der Regierung wëll stellen, ass: Wien ass dann elo de Régulateur vum Marché vun der Lotterien, wann d'Œuvre et net méi ass? Wie gëtt amplaz vun der Œuvre gesat, fir fir d'Regulatioun vum Marché ze suer-gen?

Déi zwou Bemierkunge gemaach, Här Pre-sident, géif ech nach eng Kéier den Accord vun onser Fraktioun confirméiere fir dëse Projet de loi.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Deen nächste Ried-ner ass den honorabelen Här Angel.

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minis-ter, och e grouse Merci un d'Rapportrice fir hir schrëftlech a mëndlech Aarbecht. Si huet alles genau erkläert, ech wäert duerfir net méi dorop agoen.

Mir si frou als LSAP, dass de Statut juridique elo geregelt ass. Och déi Dispositions fis-cales sinn eng gutt Saach. D'Tutelle ass ge-regelt. Mir hunn also e Lifting gemaach vun enger Gesetzgebung, déi iwwer 60 Joer al ass. Dat ass eng gutt Saach, a besonnesch wichteg fir eis war och, dass déi Trennung vun Opérateur a Régulateur elo besteet.

Dëst Gesetz ass op d'Demande komm vun der Lotterie an der Œuvre selwer, déi no en-ger längerer Reflexioun sech zwou Froe ges-tallt hunn, a mat dësem Gesetz hu se déi zwou Froen och beäntwert. Dat war en-gersäits d'Missioun an anersäits déi Tren-nung vun Opérateur a Régulateur.

Niewent der Œuvre an der Lotterie hunn awer och nach eng ganz aner Rëtsch Leit sech Froe gestallt an Iwwerleeunge ge-maach an hu gefuerdert, dass vläicht d'Ge-setz vun 1977, wat d'Madame Flesch vir-drun zitéiert huet, och misst iwwerduecht ginn.

Ech wollt do hiweisen op déi Aarbecht, déi vill Deputéierten, Fraktiounen gemaach hunn am Kader vun der Familljekommissioun mat der Santé a mat der Commission juridique zesummen. Mir haten hei eng Heure d'ac-tualité, déi vun der CSV aberuff gi war, vun der Madame Stein am Mee 2007. Do huet de Minister eis gesot, mir sollen innerhalb vun der Chamber nodenken, wéi een déi Problemer vum Zubito an och vu Spillsucht kéint regelen.

D'Madame Stein hat deemools och gefrot, ob et net eng gutt Iddi wär, eng Commission nationale iwwert d'Jeux de hasard anzeset-zen. Dat ass eng Fro, déi nach op ass, op déi mer och nach keng Äntwert fonnt hunn an un där mer an deenen nächste fënnef Joer vläicht musse schaffen.

An de Chamberskommissiounen hu mer d'Vertrieder vun der Œuvre a vun der Lotte-rie empfaangen. An enger anerer Sitzung hate mer och d'Vertrieder vun den Organi-satiounen, déi sech ëm d'Opfer vun der Spillsucht bekëmmern. Dat war ganz inte-ressant. Mir hunn engersäits iwwert déi irra-tional Säit geschwat - de Besoin vum Mënsch, fir ze spillen -, an op där anerer Säit ass jo eng rational Finalitéit do, de Sou-tien vun den Associatiounen a sozialen Or-ganisatiounen.

Mir hunn eis Suerge gemaach, dass op där enger Säit Leit gehollef kréien an op där anerer Säit Leit vill Sue verléieren, ob dat eng gutt Saach wär.

Mir sinn do och gebiede gi vum President vun der Chamber, et ass all Fraktioun opge-ruff ginn, sech schrëftlech auszeschwätzen iwwert d'Nécessitéit, d'Gesetz vun 1977 ze iwwerdenken. Do huet och all Partei eng Äntwert ginn.

Ech wëll kuerz nach eng Kéier soen, firwat et fir eis Sozialiste wichteg wär, nach eng Kéier méi am Detail d'77er Gesetz ze änne-ren: Éischstens, well nach ëmmer déi On-kloerheeten am Artikel 3 bestinn, wou et déi Interpretatiounsschwieregkeete gëtt; zwee-tens wëlle mer och de Jugendschutz vläicht integréiert kréien, dass et en Âge légal gëtt - 18 Joer -, fir kënnen déi Spiller ze maa-chen, an drëttens muss ee vläicht och no-denken, am Intitulé vun deem 77er Gesetz

geet nach ëmmer vu Sportswette Rieds, mëttlerweil ginn och Wette gemaach a ganz aneren Domänen wéi dem Sport. Och dat misst ee vläicht considérieren.

Ech wëll nach eppes ervirsträichen. Et ass gutt, dass et nach ëmmer de Monopol vun de staatleche Lotterië gëtt. Dir wësst, dass am Kader vun der Direktiv «Service» um eu-ropäesche Plang dee Monopol sollt opge-huwe ginn. Ech fannen et gutt, dass vill Länner, an dorënner och Lëtzebuerg, an do-fir e Merci un déi Leit, déi eis an Europa ver-trieden, dass se et fäerdeg bruecht hunn, zesumme mat dem „lobbying group“ vun den „European Lotteries“ - dat ass den Daachverband vun deenen nationale Lotte-rien, dass se gesot hunn, dass et kee Sënn mécht, d'«libre prestation de services» an-zeféieren an engem Domän, wou den Ordre public esou eng wichteg Roll spillt.

An och d'europäescht Geriicht um Kierch-bierg invoquéiert justement ëmmer den Ordre public, fir dës Monopoler ze validéie-ren. Duerfir, déi Notioun vun Ordre public ass an deem ganzen Domän vum Spillen eng wichteg Saach.

Dëst Gesetz, wéi gesot, regelt elo eng De-mande - déi vun der Lotterie a vun der Œuvre -, fir hire Statut besser ze maachen, och hir Missiounen méi kloer ze definéieren.

D'Madame Flesch huet och deen Artikel 9 zitéiert, wou se eng Missioun kréien, ze in-forméieren, ze warnen. Dat maache se scho mat där Campagne «Pour que le jeu reste un jeu» oder «Fixez vos limites». Dat steet och op all Billjee drop. Dat misst nach verstärkt ginn.

Et wär och vläicht gutt gewiescht, wa mer hei am Artikel 9 nach derbäigesat hätten, dass Associatiounen wéi anonym Glécks-spiller solle finanzéiert ginn. Dat kënnen mer dann nohuelen, wa mer nach eng Kéier déi Aarbechten, déi mer ugefaangen hunn, déi mer bal fäerdeg gemaach hunn, an der Fa-milljekommissioun an där nächster Legisla-tur weiderféieren.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Den honorabelen Här Braz huet d'Wuert ge-frot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll just fir déi gréng Fraktioun der Madame Doerner Merci soe fir hire mëndlechen an och proppere schrëft-leche Rapport. Déi gréng Fraktioun ën-nerstëtzt dësen Text, mä, wéi de Kolleeg Angel et och elo scho gemaach huet, weise mer och dorop hin, dass eng Rei Froen nach op eng Äntwert waarden.

Et gëtt Problemer wéi d'Spillsucht, an et gëtt och do eng Rei Froen hei am Parlament ze diskutéieren an ze beäntworten. Dat war net den Objet vun dësem Text. Dësen Text ass an eisen Aen och, esou wéi mer en elo zum Vote kréien, kohärent, a mir ënnerstëtzen en och duerfir, mä wéi gesot net ouni dorop hin-zeweisen, dass nach eng Rei Aarbecht hei awer opsteet.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Et ass net e Problem mat dësem Gesetz, wou ech hunn, mä et ass dee battere Bäigeschmaach, deen am Fong dat Gesetz huet, well et am Fong d'Méiglechkeet schafft, mam Misär vu ville Leit Geld ze verdéngen.

Och, wann dat Geld do geholl gëtt, fir sozial Zwecker oder fir aner gutt Zwecker ze ën-nerstëtzen, esou bleift awer nach ëmmer de Bäigeschmaach, dass, wann een op där en-ger Säit wëllt Guddes maachen, an op där anerer Säit dann d'Suen do hëlt, wou ris-kéiert gëtt, duerch déi Mesuren, déi do sinn, duerch déi Spillméiglechkeeten, déi do sinn, vill Misär ze schafen, dann awer e bat-tere Bäigeschmaach bleift. Den Här Angel huet et schonn ugeschwat.

Ech spriechen do besonnesch dat Spill Zu-bito un, an ech spriechen och den Artikel 3 u vum Gesetz vum 20. am Fréileng 1977, wou einfach Kloerheet muss geschaf ginn, well dat Gesetz ass fir mech kloer, an ech hunn dat och geschriwwen. Et ass fir mech kloer: Et dierfen a kengem öffentleche Lokal Spiller stoen, wou direkt Geld ausbezuelt



gëtt. Dat war de Sënn vum Gesetz vun 1977, an dee Sënn an och déi Philosophie als Prinzip, déi ginn am Fong elo mam Aféiere vum Zubito violéiert. Et deet mer leed.

Ech kann lech soen - ech si vill an der Öffentlechkeet -, wat fir e Misär dat Spill do mat sech bréngt. Et wär héich Zäit, awer wierklech allerhéchst Zäit, dass mer do géifen agräifen an déi Spiller verbidden.

Et misst een emol elo eng Analys maachen, wéi vill Misär d'Spillen hei am Land iwwerhaapt mat sech bréngt. Et misst een och emol mat deenen Organisatiounen ëmmer erëm Récksprooch huelen. Do gëtt et Organisatioune vun anonyme Spiller, déi genau datselwecht soen, an déi musse gehéiert ginn, well déi si jo net vun Dommheet gegrënnt ginn. Ech mengen, déi si gegrënnt ginn, well do wierklech vill Misär ass. Ëmmer, wann esou eng Initiativ sech aus der Bevölkerung eraus grënnt, fir ze hëllefen, dann ass et sécher, dann ass de Misär schonn do an da gëtt et héich Zäit, dass do gesuergt gëtt, fir do eppes ze änneren.

Duerfir soen ech, och, wann et ass, fir gutt Zwecker ze ënnerstëtzen, bleift ëmmer dee battere Bäigeschmaach, dass d'Suen do vum Misär vu ville Leit geholl ginn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister Luc Frieden.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, Merci och vun der Säit vun der Regierung un d'Rapportrice, d'Madame Doerner, fir déi Rapporten hei. Merci awer och, géif ech gären am Numm vun der Regierung soen, der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte, déi während Joren a Jorzéngte mat all deene Leit, déi sech do engagéiert hunn, eng exzeptionell gutt Aarbecht gemaach hunn, vun deene ganz vill Leit profitéiert hunn.

Dat Gesetz hei, dat ass eis ganz bewosst, ass kee Gesetz iwwert d'Spillen en général, kee Gesetz iwwert d'Problemer, déi d'Lotterien kënnen no sech zéien oder esou Spiller wéi déi, déi hei genannt gi sinn, mä et setzt awer trotzdeem e klore Kader.

Ech deelen d'Meenung och, déi hei vum Här Angel gesot ginn ass, wou en déi Position ënnerstëtzt huet, déi ëmmer déi och vun der Regierung war, datt fir d'Spiller, fir d'Lotterie, fir d'Casinoen net d'Regele vum fräie Maart einfach spillen, mä datt dat e Gebitt ass, wou et muss kloer Rahmenbedingunge ginn, an datt déi ëmmer mussen Autorisatiounen ënnerleien, och fir Problemer wéi déi vun der Spillsucht eenegermoossen am Grëff ze behalen.

Woubäi ech zu där Problematik wëll soen, datt ech net mengen, datt d'Gesetz all déi Problemer ka léisen, mä datt do och ganz vill am Beräich läit vun der Responsabilitéit vun deenen, déi esou Spiller op de Maart bréngen, respektiv och enger ganzer Rei Initiativen, déi och gemaach gi vun der Loterie nationale, vum Casino, fir ze évitéieren, bei deene Leit, wou besonnesch Problemer sinn, datt déi weider an hir Sucht, also och an hir Krankheet sech verdéiwen.

Ech mengen net, datt de Gesetzgeber all déi Problemer ka léisen, woubäi ech gäre bereet sinn als Justizminister, dee fir eng Rei Lotterien zoustänneg ass, déi net ënnert d'Kompetenz vun der Loterie nationale fallen, fir ze kucken, datt dat net ausufert.

Ech mengen och, datt een dat regelméisseg muss iwwerkucken. Dat ass en Débat, deen ni fäerdeg ass. Et komme jo ëmmer erëm nei Spiller op de Maart, an duerfir sinn ech gäre bereet, och zesumme mat der Chamber déi Problematik do ze kucken.

Dëst Gesetz, wéi gesot, huet zum Zil, d'Œuvre an hiren Aufgaben ze moderniséieren, ze preziséieren. Duerfir sinn ech frou hei feststellen, datt dee Projet, deen d'Regierung abruecht huet, eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber féinnt.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen zum Vote vum Projet de loi...

(Interruption)

Pardon. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Ech hat eng prezis Fro un d'Regierung gestallt, wien elo de Régulateur de marché ass.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - De Justizminister. Mat Ausnahm vun deene Spiller, déi vun der Loterie nationale an hirem Conseil autoriséiert ginn. Well d'Loterie nationale ënnert der Tutelle vum Statsminister war a bleift, brauch ee keng zweet Autorisatioun. Mä aner Spiller iwwer e gewëssene Montant ginn autoriséiert vum Justizminister.

» **M. le Président.** - Voilà, mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi perséinlech Stëmme fir d'éischt. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5955 ass mat 56 Jo-Stëmmen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Christine Doerner), MM. Ali Kaes, Laurent Mosar (par M. Norbert Hauptert), Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kënnen d'Resolutioun, déi den honorablen Här Goerens déposéiert huet, direkt huelen. Pardon. Jo. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

### 3. Résolution de M. Charles Goerens relative à la condamnation des déclarations du Ministre allemand des Finances comparant le Luxembourg au Burkina Faso en matière de transparence fiscale

» **M. Charles Goerens (DP), auteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vum däitsche Finanzminister wësse mer, datt en, wann en iwwer gewëssen Theme schwätzt, mat wéineg Précautions oratoires auskënnst.

Elo gëtt et e puer Manéieren, fir Divergenzen auszedroen iwwer een an datselwecht Thema. Bis elo hate mer ëmmer d'Méiglechkeet, am europäesche Rahmen déi Problemer unzeschwätzen, sämtlech Länner vun Ufank un derbäi sinn ze loossen, datt jiddweree konnt seng Meenung expriméieren, an dat ass normalerweis zu engem Kompromëss komm.

Et gëtt eng zweet Manéier, fir sech mat deene Problemer auserneezenesetzen, dat ass op onfair Mëttelen zrëckzegräifen an déi och nach begleede vun enger Degradatioun an der Wuertwahl, déi der Léisung vun Dossieren net förderlech ass.

Drëttens, dat, wat den Här Steinbrück gesot huet, andeems en d'Transparence fiscale vun eise Land an och vun anere mat där vu Burkina Faso vergläicht, kann och net reaktiounslos higeholl ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Charles Goerens (DP), auteur.** - Ech hat selwer duerch verschidde Funktiounen, Här President, d'Méiglechkeet, mam Finanzminister vu Burkina Faso ze schwätzen, och mam Ausseminister vun deemselwechte Land. Ech kann lech soen, datt ech bei deenen ni déi Écarts de langage konnt percevéieren, déi mer elo gëschter erëm eng Kéier vum Peer Steinbrück héieren hunn. Ech géif éischter soen, datt et eng Source vun Inspiratioun wär fir gutt Behuelen am Émgang mat Anersdenkenden an och mat Vertrieeder vun anere Länner, déi een am Gespräch mat de Vertrieeder vu Burkina Faso kënnt fannen.

Ech fannen och, datt et net vertrieetbar ass, vu d'Relatiounen, déi zäitweileg ganz delikat waren tëschent der Bundesrepublik Däitschland a Lëtzebuerg, mä déi sech op eng exemplaresch Manéier entwéckelt hunn, muttwëlleg Sensibilitëiten an eise Land ze heurteieren. Dat ass net noutwendeg.

Hei gëtt erëm eng Kéier appelléiert u Sentiementer, déi hir Originé fannen an enger Zäit, wou Lëtzebuerg an Däitschland wierklech näischt méi gemeinsam haben a wou mer ganz vill ënnert Däitschland gelidden hunn.

Mir freeën eis net doriwwer, mä mir stelle fest, datt leider déi Sensibilitëite sech onwahrscheinlech heurteiert fillen, an dat mierkt een an de Gespréicher mat praktesch alle Leit, déi een hei am Land begéint.

Mir fannen duerfir, datt déi Manéier, fir sech mat Lëtzebuerg auserneezenesetzen, an op déi den Här Steinbrück zrëckgegraff huet, blessant ass, erfosetzend, iwwerflësseg, muttwëlleg, an datt se absolut näischt bäidréit zu dem noutwendegen Zesummenhalen, wat mer onbedéngt brauchen, fir an där Krisensituatioun, an där mer an Europa dra sinn, weiderzekommen.

Gewëss, a Virwahlzäiten ass et net anormal, datt gewëssen Aussoe méi pointéiert artikuléiert ginn. Dat entschëllegt awer beileiwen net alles, a scho guer net déi Écarts de langage, op déi ech mech hei beruff hunn. Duerfir ass dës Resolutioun, déi vun de Vertrieeder vun alle Sensibilitëiten hei am Haus gedroe gëtt, och am Dispositiv dorop aus, fir déi Praktiken do ze veruerteelen ouni Reserven.

Ech hat lech invitéiert, Här President, fir och Ärem Homologue vum Bundestag déi Resolutioun hei ze iwwermëttelen. Ech géif lech bieten - dat hat ech net an der Resolutioun verfaasst -, Dir sollt datselwecht maache mam President vun der Assemblée parlementaire vun Ouagadougou.

Ech soen lech villmools Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

**Discussion générale**

» **M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Här Goerens a senger Fraktioun félicitéiere fir déi Initiativ, déi se hei geholl hunn. Ech mengen effektiv, datt dat absolut berechtigt ass.

Här President, meng Fraktioun weess och, wat et heescht, Wahlkampf mussen ze féieren. Mir wësse jo och, datt an Däitschland net nëmmen Europawahle sinn, mä och am September Bundestagswahle sinn. Mir stelle fest, datt an der Bundesrepublik Däitschland déi Wahle mat zimlech haarde Bandagen do gefouert ginn. Dat entschëllegt awer net, datt all Mëttelen entre-temps bei verschiddene Leit recht sinn, fir dee Wahlkampf ze féieren.

Et entschëllegt scho guer net, datt ee kleng europäesch Länner benotzt fir seng innenpolitesch Zwecker. Kleng europäesch Länner, déi éischstens emol bäi Wäitem manner Méiglechkeeten hunn, fir sech ze wieren an esou engem Stil wéi deem doten, an esou enger Ausenanersetzung wéi där doten op europäeschem Niveau.

Et entschëllegt nach manner, datt och elo net nëmme méi kleng europäesch Länner benotzt gi fir innenpolitesch Wahlkampfzwecker, mä carrément déi äermste Länner vun der Welt genotzt ginn, fir op d'Géigner ze schloen. Ech muss soen, dat ass e Stil, deen ass wierklech net immens - loosse mer soen: gutt.

Wéi gesot, et geet hei reng ëm innenpolitesch Ziler an Däitschland, déi heimadder bezweckt ginn, mat där Kraftmeierei, déi do zum Ausdrock bruecht gëtt.

Ech muss och soen, datt dat, wat eis extrem beonrouegt, dat ass, datt mer mengen, datt den Här Steinmeier sech net bewosst ass, dass en der europäescher Iddi onheemlech schuet...

» **Une voix.** - Den Här Steinbrück!

» **M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Den Här Steinbrück - pardon - schuet onheemlech der Iddi vun der Europäescher Unioun. Well dat doten, dat schwätzt sech jo erëm an allen europäesche Länner, a virun allem kleng Länner fille sech ëmmer méi an den Eck gedréckt vun deene grouss Länner. Ech mengen net, datt dat dozou bäidréit, datt méi Verständnis opkënnst fir d'Verdéiung vun der Europäescher Unioun. Wéi gesot, dat ass wierklech äusserst bedauerlech.

Ech fannen et och absolut berechtigt, datt mer hei als Parlament endlech dorobber reagéieren. Mir hoffen, datt déi Resolutioun hei wierklech eestëmmeg ugehall gëtt an datt de President deementspriedend dee Bréif do soll schécken.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Den Här Wolter huet d'Wuert.

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun stellt sech total hannert déi Resolutioun, déi de Kollege Goerens am Numm vun der DP hei hannerluecht huet an déi mer och mat ënnerstëtzen.

Ech hat d'Geleeënheet, am Kader vum Débat vum État de la nation ze soen, dass Europa nëmme ka fonctionnéieren, wann et am Ausgläich tëschent deene groussen an deene klenge Länner funktionnéiert, wann dee Geescht, dee bis virun enger net allze laanger Zäit an Europa véhiculéiert ginn ass duerch eng ganz Rei vu Politiker - vum Helmut Kohl, vum François Mitterrand an aneren -, déi ëmmer dorop erpicht waren, och ze probéieren, d'Meenung vun deene méi klenge Länner op d'mannst nozelauschteren an och bereet waren, Kompromësser ze maachen, wann dee bleift.

Et stellt ee leider fest, besonnesch an deene leschte Méint, dass ëmmer Politiker aus sougenannte grouss Länner eng Rei vun Écarts de langage maachen, déi - wéi et vu mengem Virriedner, dem François Bausch, gesot ginn ass - dem europäeschen Zesummenhalt net déngen.

Dat Europa brauch Zesummenhalt. Grad just a Krisenzäite muss et beweisen, dass et géeeent ass. Et sinn, mengen ech, net nëmmen Écarts de langage, mä et ass System, besonnesch bei deem Minister, iwwert dee mer eis haut hei ënnerhalen, well et jo net fir d'éischt ass. Et ass elo fir d'drétt oder fir d'véiert innerhalb vu kuerzer Zäit, wou déiselwecht Persoun, an dat ass jo net deen allerklengsten am Rang vun den däitsche Politiker, sech mat anere Länner huet an op eng Aart a Weis iwwert déi Länner schwätzt, déi einfach all Form vu Respekt och par rapport zu deene Länner vermësse léisst.

Et ass awer net deen Eenzegen. Wann ech kucken, wat vun der franséischer Säit an deene leschte Wochen och deelweis komm ass, och vun enger Rei vu ganz héichgestallte Politiker, esou stellt ee fest, dass och vun där Säit aus ëmmer manner opgepasst gëtt an ëmmer manner Rücksicht geholl gëtt op d'Meenung an op d'Gefiller vun aneren.

Dat ass de Grond, firwat mir als Partei, als Fraktioun déi Resolutioun hei ënnerstëtzen, an der Hoffnung, dass d'Leit sech bewosst ginn, dass, wann een ausschléisst, wann een ausgrenzt, wann een aner Leit un de Pranger stellt, ee riskéiert, iergendwann eng Kéier datselwecht mat sech selwer gescheien ze gesinn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. Den Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, selbstverständlech hu mer déi Initiativ vum Här Goerens matgedroen, fir géint déi Deklaratioun vum Här Steinbrück ze protestéieren.

Et ass hei schonn duergestallt ginn, dass en anere Wand an Europa bléist, deen och dorop zrëckzeféieren ass, dass Europa net méi esou fonctionnéiert, wéi et soll, dat heescht an enger partnerschaftlecher Zesummenaarbecht. Déi partnerschaftlech Zesummenaarbecht ass duerch zwee grouss Länner ganz besonnesch och mat Hëllef vu Groussbritannien a Fro gestallt ginn. D'Madame Merkel gradesou gutt wéi den Här Sarkozy hunn dorop gehalen, hu mat anere Partner am G20 dorop gehalen, dass verschidde Länner op eng gro Lëscht kéimen, déi, contrairement zu deenen Ofmachungen, déi virdru getraff gi waren an net agehale gi sinn, sollte gebrandmarkt ginn.